N°3619
Entrée le 05.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 3619 vum 6. Februar 2026 vun der honorabeler Deputéiert Alexandra Schoos**

1. **Kann den Här Minster preziséieren, wou deen nationalen Inventaire vu schützenswäerte Gebaier aktuell drun ass?**

Den Inventar vun aacht Gemengen ass ofgeschloss a veröffentlecht. Esou kann alles wat an de Gemenge Fiels, Fëschbech, Miersch, Lëntgen, Luerenzweiler, Kielen, Helperknapp a Colmar-Bierg inventariséiert a geschützt gouf um Internetsite vum Institut national pour le patrimoine architectural – INPA ofgeruff ginn.

2. **No wéi engen objektive Krittären entscheet d'Regierung, ob een an engem INPA - Inventaire erfaasst Gebai spéider tatsächlech engem Schutz – oder Klassifizéierungsverfaren ënnerzu gëtt, a ween trëfft dës Entscheedung a leschter Instanz?**

D'Krittären an d'Prozedur fir e Klassement stinn an den Artikelen 23-33 vum iwwerschaffte Gesetz vum 22. Februar 2022 iwwert dat kulturellt Iewen.

De Kulturminister proposéiert der Regierung all déi inventariseiert Objete vun enger Gemeng ze klasséieren. Dat geschitt an enger éischter Phas provisoresch.

3. **Wéi eng konkret rechtlech oder faktesch Auswierkungen hu lafend oder ofgeschlossen Inventairë schonns elo op Proprietairen, besonnesch am Hibléck op Baugeneemegungen, Ofrëss geneemegungen oder kommunal Planungs prozesser?**

No enger ëffentlecher Enquête, wou all di concernéiert Proprietäre kënne matmaachen, kënnt et dann zu engem definitive Schutz, deen och nees muss vum Regierungsrot guttgeheescht ginn. Dat geschitt dann op Basis vun de Contributioune vum Public an dem Avis vum Gemengerot.

Just en ofgeschlossen Inventaire huet rechtlech Auswierkungen. Mat senger Publikatioun an der ëffentlecher Enquête hunn déi concernéiert Proprietären d'Obligatioun, all Aarbechten un engem geschützten Haus (ausser Entretien) vum Kulturminister autoriséieren ze loossen. Dobäi kommen eng fachlech Berodung vum INPA a finanziell Hëllefen.

4. **Bis wéini plangt d'Regierung, d'Inventariséierung vum architektonesche Patrimoine landeswäit ofzeschléissen an d'Resultater an enger transparenter, zentraliséierter Form zu veröffentlechen?**

Am Moment lafen d'Inventairen an de Gemenge Réimech, Fréiseng, Useldeng, Bissen a Veianen. No éischte Reperagen, de Kontakt mat de Proprietären a Prozedure fir d'Haiser vu bannen ze gesinn, enger wëssenschaftlecher Recherche an Dokumentatioun iwwert all schützenswäert Gebai, gëtt den Inventaire vun enger Gemeng geschriwwen, mat Fotoen illustréiert a publizéiert.

Dës akribesch a präzis wëssenschaftlech Aarbecht wäert nach eng Rei Joren daueren, och wann d'Equipe vum Inventaire am INPA reegelméisseg kann opgestockt ginn. Wichteg ass et, datt

d’Inventariseierung an de Schutz mat klore Krittären, Argumenter a Prozedure ka realiséiert ginn, dat am Austausch mat de Bierger an de Gemengen.

Lëtzebuerg, de 5. Mäerz 2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill